N°2195
Entrée le 25.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°2195 vum 4. Abrëll 2025 vun dem Här Deputéierte Sven Clement.**

Den honorabelen Deputéierte renseignéiert sech iwwert d'Duerchfallquoten an de Präis vum Führerschäin.

Beim theoreteschen Exame fir de Führerschäi gouf et bei 13640 Examen déi 2024 gemat goufen eng Duerchfallquote vu 25,91%, wat engem Taux de réussite vu 74,09% entsprécht.

Beim prakteschen Examen, all Führerschäinskategorien zesumme geholl, gouf et 2024 bei insgesamt 18243 Examen eng Duerchfallquote vu 46,8%, wat engem Taux de réussite vun 53,2% entsprécht.

Käschte fir de Führerschäi sinn an deene leschte Joren duerch d'Inflatioun an och déi geklommen Energiekäschten an d'Luucht gaangen. Packen déi meescht KandidatInnen nach den theoreteschen Examen, esou fält am prakteschen Examen ronn all zweet(e) KandidatInn duerch, wat sech natierlech och op de Präis vum Führerschäin auswierkt, well nach emol Stonne musse geholl ginn an och den Exame nach emol gemaach muss ginn. De Verkéier deen ëmmer méi komplex gëtt, genee esou wéi d'Handhabung vum Auto, déi duerch déi sëllegen Assistenzsystemer déi an deene leschte Joren dobäi komm sinn ëmmer méi komplex gi sinn, kënnen eng Erklärung fir dëse Phenomen sinn.

Dofir ass et wichteg, dass d'KandidatInnen méiglechst gutt an der Führerschäinsausbildung op dës nei Begebenheete virbereet ginn. Eng nei europäesch Führerschäinsdirective ass um Punkt fir publizéiert ze ginn. Dës gesäit och Ännerungen an der Führerschäinsausbildung fir, ënnert anerem fir och dësen neien Erausfuerderunge Rechnung ze droen. Wann d'KandidatInnen besser virbereet sinn, da missten och manner KandidatInnen am prakteschen Examen duerchfalen, wat sech natierlech da positiv op d'Käschte fir e Führerschäin auswierkt. Wat den Asaz vu Simulatoren ugeet, esou ka bei der Ëmsetzung vun der uewe genannter Directive gekuckt ginn, a wéi wäit den Asaz vu Simulatore méiglech an och sënnvoll ass. D'Ausbildung op engem Simulator ass dann och net vir jiddereen eppes, well et bei enger Rei Leit virkënnt, dass sie de Simulator net verdroen an dass et hinne schwindeleg am Simulator gëtt.

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes